

# Firwat gehéiert d'Lorberkiischt net an eise Gaart?

D'**Lorberkiischt** (*Prunus laurocerasus*) ass ee sougenannten **invasive Neophyt**. Dëst si Planzen déi bei eis net eenheemesch sinn, a sech duerch hire Verbreedungsdrang negativ op eis Natur auswierken.

De Strauch kënnt urspréngiech aus Asien a bilt dicht Bestänn, déi eenheemesch Aarte verdrängt. En ass zwar och am Wanter schéi gréng an doduerch ee beléifte Siichtschutz, huet awer ënner anerem een **negativen Afloss op eis Aartevillfalt**.

### Wat si Geforen, déi vun invasive Planzen ausginn?

- Verdrängung vun heemesche Planzen
- Verloscht u Biodiversitéit
- Entstoe vun Hybriden
- Allergie-ausléisend Planzen
- Erosioun vun Uferberäicher

### Wat sinn alternativ Planze fir d'Lorberkiischt?

Du kanns dëst Joer bewosst heemesch Planzen an däi Gaart bréngen an invasiv Planze, wéi d'Lorberkiischt, evitéieren.



**Franséische Pällem**
*Taxus baccata*



**Pällem**
*Buxus sempervirens*



**Grénge Faulbam**
*Ligustrum vulgare*

### Méi Alternativen zu invasive Planzen

An der neier Publikatioun „**Invasive Neophyten und ihre Alternativen für Gärten und Anlagen**" fënns du nach weider Alternativen. D'Broschür kann op www.emwelt.lu rofgelueden oder bestallt ginn.

Administration
de la nature et des forêts
Grand-Duché de Luxembourg



# Firwat gehéiert de Päiperleksbam net an eise Gaart?

Photos © Adobe Stock

De **Päiperleksbam** (*Buddleja davidii*), och Schmetterlingsstrauch oder Summerflieder genannt, ass ee sougenannten **invasive Neophyt**. Dëst si Planzen déi bei eis net eenheemesch sinn, a sech duerch hire Verbreedungsdrang negativ op eis Natur auswierken.

De Strauch kënnt ursprénglech aus Süd-West China a bilt dicht Bestänn, déi eenheemesch Aarte verdrängt. Doduerch huet en, am Géigendeel vun deem wat säin Numm undeit, ënner anerem och een **negativen Afloss op eis Päiperlekspopulatioun**.

### Wat si Geforen, déi vun invasive Planzen ausginn?

- Verdrängung vun heemesche Planzen
- Verloscht u Biodiversitéit
- Entstoe vun Hybriden
- Allergie-ausléisend Planzen
- Erosioun vun Uferberäicher

### Wat sinn alternativ Planze fir de Päiperleksstrauch?

Du kanns dëst Joer bewosst heemesch Planzen an däi Gaart bréngen an invasiv Planze, wéi de Päiperleksbam, evitéieren.



**Mutzelchen / Pfaffenhütchen**
*Euonymus europaeus*



**Strauchkronwicke**
*Coronilla emerus*



**Grénge Faulbam**
*Ligustrum vulgare*

### Méi Alternativen zu invasive Planzen

An der neier Publikatioun „**Invasive Neophyten und ihre Alternativen für Gärten und Anlagen**“ fënns du nach weider Alternativen. D'Broschür kann op www.emwelt.lu rofgelueden oder bestallt ginn.

Administration de la nature et des forêts
Grand-Duché de Luxembourg